

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 4. Januar 2022

Här President,  
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Sport- an Aarbechtsminister weiderzeleeden.

Zu Lëtzebuerg ginn et ëmmer méi professionell Sportler. Besonnesch an den Equippesportaarten huet d'Zuel an de leschte Jore staark zougeholl, an eng Rei Fussballveräiner hu komplett professionell Equippen.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Minister:

- 1) Wéi vill professionell Sportler schaffen aktuell zu Lëtzebuerg?
- 2) Wéi si si opgedeelt op déi verschidde Sportarten?
- 3) Wéi ass d'Opdeelung no Geschlecht?
- 4) Wéi vill vun dëse professionelle Sportler si Lëtzebuerger, respektiv wéi ass d'Opdeelung no Nationalitéit?
- 5) Am Kader vun der Covid-Pandemie, a besonnesch während dem Lockdown, konnte professionell Sportler vum System vun der Kuerzaarbecht a vun der Ausgläichsentschiedegung profitéieren. Wéi vill professionell Sportler hunn dovu profitéiert?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup  
Deputéierten